*Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Henri Kox.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Motioun, déi vun der Madame Flesch déposéiert ginn ass. Huet se fënnef Ënnerschrëften?

***Motion 1***

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Hell ewech!

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Jo, scho gëschter.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President!

M. le Président.- Jo, Madame Flesch.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, Merci dass Der mer d'Wuert gitt. Ech wollt zu der Motioun e puer Wuert soen. Ech wollt awer fir d'éischt dem Minister Merci soe fir déi Statistiken, déi hien ons geliwwert huet, an déi beweisen, dass d'Urempelungen, déi den Här Gira gemengt huet missen ze maachen à l'égard vun der Stad Lëtzebuerg a vun hirem Buergermeeschter, net begrënnt sinn! De Minister huet ons jo ganz kloer gesot, wéi vill Baugenehmegungen an där Zäit an der Stad Lëtzebuerg erausgaange sinn.

Ech huelen och Akt vum Minister senger Deklaratioun, dass hie gewëllt ass, déi Konsultatiounen ze maachen, déi mir recommandéiert hunn, dass hie gewëllt ass, an aller Serenitéit d'Applikatioun vum Gesetz ze examinéieren, an ech mengen, de Projet, dee mer haut diskutéieren, ass de beschte Beweis dofir, dass hien och gewëllt ass, wann ee Problem sech stellt, dee Problem ze léisen.

Wat d'Klausel vun de 25% betrëfft, Här President, ass hei ëmmer erëm gesot ginn, déi hätt och am Gesetz vun 1937 gestan. Dat stëmmt. Mä 25% waren do de Maximum. An hei si 25% eng Obligatioun.

Ech wëll och do, Här President, den Här Gira berouegen. Säit Jorzéngten applizéiert d'Stad Lëtzebuerg déi Klausel vun de 25%. Hei geet si souguer doriwwer heiansdo ewech, andeem si dann de Leit eng Kompensatioun gëtt, well mir der Meenung sinn, dass et wichteg ass bei gréissere Projeten och dofir ze suergen, dass net nëmmen Édifices publics kënne gebaut ginn, mä dass och genügend Grëngzon geschafe gëtt.

Ech huelen awer och Akt, ausser vun deenen Deklaratioune vum Minister, déi ech begréissen, vu senger Deklaratioun am Zesummenhang mam Artikel 28, wou hie gesot huet, do géing fir hien iwwerhaapt kee Spillraum bestoen an dat wier fir hien eng politesch Positioun. Dat ass säi gutt Recht, mä ech mengen dat soll dann och wierklech esou gewosst sinn.

Här President, no den Deklaratioune vum Minister si mir dovunner ausgaangen, dass d'Parteie vun der Majoritéit wahrscheinlech net wéilten eis Motioun ënnerschreiwen. Vun deene Grëngen, déi mengen et misst ee Politik maachen, andeem ee Festunge baut, si mir scho virdrun dovunner ausgaangen, si wéilten net ënnerschreiwen. Dofir hunn ech véier Kolleege vu menger Fraktioun gefrot, si sollen déi Motioun matënnerschreiwen. Dat hunn déi Hären an Damme Bettel, Bettendorf, Brasseur a Calmes gemaach an ech iwwerreechen lech nach eng Kéier déi ënnerschriwwe Motioun.

M. le Président.- Merci, domat mengen ech ass alles gesot zu där Motioun, a mir kommen dann zur Ofstëmmung dovun.

***(Brouhaha général)***

Ass de Vote électronique verlaangt?

***(Assentiment)***

***Vote***

D'Motioun ass ofgelehnt mat 45 Nee-Stëmmen a 15 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Oberweis), Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch).*

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Dat do war knapp!

M. le Président.- Wann Dir dat do knapp nennt, Här Bettel, da fannen ech awer, dass dat e ganz kloert an däitlecht Signal war.

***(Hilarité)***

Sou, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Diskussioun iwwert de Projet de loi portant fusion des communes de Kautenbach et de Wilwerwiltz. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an ageschriwwen sinn den Här Calmes, den Här Schneider, den Här Gira an den Här Koepp.

Plusieurs voix.- Oh!

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Marco Schank.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

Ech géif ëm Opmierksamkeet fir de Rapporteur bieden.

## 4. 5455 - Projet de loi portant fusion des communes de Kautenbach et de Wilwerwiltz

***Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire***

M. Marco Schank *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet, dee mir haut an der Chamber elo nach virleien hunn, huet als Objet d'Fusioun vun zwou Gemengen am ländleche Raum, nämlech Kautebaach a Wëlwerwolz an eng nei Gemeng, an déi Gemeng wäert sech an Zukunft Kiischpelt nennen.

Dës nei Gemeng wäert ongefëier eng dausend Awunnerinnen an Awunner kréien - ech hat leschte Freideg genee nogefrot an et waren der dunn 957, déi zwou Gemengen zesummen - an déi Gemeng wäert och eppes ëm déi 3.400 ha grouss sinn.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

Zënter 1978 gouf et keng Fusioun méi hei am Land, bis mir viru kuerzem op dëser Plaz d'Gesetz iwwert d'Fusioun vun de Gemenge Baastenduerf a Furen gestëmmt hunn. Deemno hu mir no 27 Joer, wann een esou wëllt, an enger ganz kuerzer Zäit zwou Fusiounen hei am Land an och am Norden. An dës Fusioun setzt sech och an de Kontext vun deem Pabeier, dee mir amgaange sinn ze diskutéieren an där Spezialkommissioun iwwert d'Réorganisation territoriale zu Lëtzebuerg, mat Recommandatioune fir d'Fusiounen awer och fir sou genannte Communautés de communes.

Fir kuerz op de Werdegang vun där Fusioun anzegoen: De 25. Mäerz 2004 huet den Innenminister de Projet 5455 an der Chamber déposéiert an dee leschte 24. Mee huet déi zoustänneg Kommissioun sech mat dësem Projet befaasst. D'Fusioun vun de Gemenge Kautebaach a Wëlwerwolz ass d'Resultat vun enger laanger Kooperatioun - dat ass net vun haut op mar, datt déi Fusioun sech gedoen huet, et gouf och eng laang Concertatioun am Virfeld - op internationalem Niveau tëschent de Gemengen; an et waren ursprénglech dräi Gemengen: Kautebaach, Wëlwerwolz an Eschweiler. Dat heescht, et ass schonn 1994 richteg ugaangen, doduerch dass d'Gemenge Kautebaach a Wëlwerwolz ee Syndicat intercommunal gegrënnt hu fir de Bau an d'Funktionéiere vun enger regionaler Schoul zu Wëlwerwolz, dee sou genannte Schoulkauz, an d'Gemeng Eschweiler ass 1996, also zwee Joer méi spéit, do dobäi gestouss.

Am Mäerz 2002 hunn dann déi dräi Gemengen sech zesumme mam Innenminister getraff, fir iwwer eng eventuell Fusioun ze schwätzen. An duerch seng Décisioun vum 5. Dezember 2002 huet dunn d'Gemeng Eschweiler sech aus dësen Diskussiounen zréckgezunn.

Tëschent de Gemenge Kautebaach a Wëlwerwolz sinn d'Verhandlungen awer virugaangen, mat dem Resultat, datt déi zwee Gemengeréit de 14. respektiv 28. Mäerz 2003 décidéiert hu fir ze fusionéieren. De 27. Mee 2004 gouf dunn eng Informatiounsversammlung organiséiert mat de Biergerinnen a Bierger aus deenen zwou Gemengen, wou den deemolegen Innenminister dobäi war an och d'Avantagë vun esou enger Fusioun explizéiert huet.

An dann e bësse méi spéit war dunn och zäitgläich mat de Chamberwahlen, den 13. Juni 2004, ee Referendum, wou d'Bevölkerung vun deenen zwou Gemengen d'Méiglechkeet hat, fir sech fir oder géint déi Fusioun do auszeschwätzen; an ëmmerhin hunn 2/3 vun de Leit gesot, datt si dat eng gutt Initiativ fannen.

Op dat positiivt Resultat hin hunn dunn déi zwee Gemengeréit sech definitiv en faveur vun der Fusioun ausgedréckt a si hu gréng Luucht ginn - iwwer sou genannt Délibérations concordantes -, fir eng Konventioun mat der Regierung ze ënnerschreiwen en vue vun enger Fusioun. Dat ass dann net méi spéit wéi de 25. Februar 2005 geschitt; Dir gesitt, datt dee ganze Prozess relativ séier virugaangen ass.

***(M. Laurent Mosar prend la Présidence)***

De Conseil d'État hat keng Awänn zu dësem Projet an déi zoustänneg Chamberkommissioun huet wéi ëmmer ganz schëtzeg geschafft. Ech wollt just op eng Remarque agoen, déi am Kontext vun den Aarbechte vun der Kommissioun gemaach ginn ass, an zwar am Kader vun der Réorganisation territoriale - vun där ech virdru kuerz Rieds hat. Et ass e bëssen de Problem opgegraff gi vun där Masse critique, déi jo an deem Pabeier gefrot gëtt vun 3.000 Awunnerinnen an Awunner an Zukunft an am Zesummenhang mat deenen Awunner hei wou der da ronn soe mer 1.000 beienee kommen, an dat och am Zesummenhang mat deenen 2.500 Euro pro Awunner, déi déi nei Gemeng als Starthëllef kritt.

De Minister huet iwwregens am Kader vun där Diskussioun gesot, hie géif eng Backgroundmap a relativ kuerzer Zäit presentéieren, sou eng Aart Schema, wéi hien déi zukünfteg Zesummeschlëss gesäit - ech soe bewosst Zesummeschlëss, well dat jo net nëmme Fusioune wäerte sinn, mä wéi gesot och ënner Ëmstänn Communautés de communes.

À propos 2.500 Euro, ech wollt kuerz eppes zum Artikel 8 soen: Et ass sou, datt déi zwou Gemengen oder déi zukünfteg Gemeng Kiischpelt déi 2.500 Euro net einfach esou kritt, si kritt déi étaléiert iwwer zéng Joer. A mat deene Suen däerf een och net egal wat maachen. Et steet am Gesetz, datt déi Suen eigentlech fir dräi Objete geduecht sinn, éischtens, fir de Bau respektiv den Ausbau vum Centre scolaire et sportif, wou mir viru kuerzem och dobäi ware wéi déi Aweiung war, zweetens fir de Redressement vun der Voirie vicinale vun Alschent an drëttens vun der Voirie vicinale vu Pënsch.

Déi Fusioun mécht sech net beieneen, mä si mécht sech no an no - ech hunn dat virdru scho gesot - an esou ass och virgesinn, datt bis d'Gemengewahle vun 2017 et zwou Wahlsektioune wäert ginn, d'Sektioun vu Kautebaach, fréier Gemeng mat zukünfteg véier Conseilleren, an d'Sektioun vu Wëlwerwolz mat fënnef Vertriederinnen oder Vertrieder. Duerno wäert et dann eng eenzeg Sektioun ginn.

Vläicht zum Schluss nach zwee, dräi Sätz zu verschiddenen Artikelen. Am Artikel 2 ass däitlech festgeschriwwen, datt de Siège vun der neier Gemeng zu Wëlwerwolz wäert sinn. Am Artikel 3 (2) steet, datt deen éischte Gemengerot vun néng Gemengeréit vun där neier Gemeng den 9. Oktober 2005 gestëmmt gëtt. Am Artikel 4, dat ass och nach vläicht wichteg am Kontext mat de Gemengereglementer, déi bleiwen esou laang bestoen um Territoire vun deenen zwou Gemengen a gëllen och esou laang, bis dann an där neier Gemeng deen neie Gemengerot nei Reglementer entspriechend stëmmt. An dann ass nach beim Artikel 5 vläicht interessant ze soen, datt d'Gemengebeamten, d'Privatbeamten, d'Aarbechter an och d'Léierpersonal vun där neier Gemeng en charge geholl ginn.

Dat ass dat, Kolleeginnen a Kolleegen, wat ech wollt als Rapporteur viruginn, d'Kommissioun hat net vill Misère mat dësem Projet.

***(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)***

Um Enn wollt ech déi zwou Gemenge félicitéiere fir hir Initiativ, an ech wollt zum Schluss och nach den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schank. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Calmes. Här Calmes!

***Discussion générale***

M. Emile Calmes *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, innerhalb vun engem hallwe Joer ass et fir d'zweet, datt mer hei iwwer eng Fusioun kënnen diskutéieren. Wéi gesot, dat hate mer scho laang net méi. Iwwer 25 Joer hu mer net iwwer Fusiounen diskutéiert. Ech erlabe mer dann och, dem Rapporteur hei fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport ze félicitéieren.

Dat erlaabt mer natierlech ganz kuerz ze sinn, ouni awer ze vergiessen an hei zum Ausdrock ze bréngen, datt ech mech zesumme mat menger Fraktioun selbstverständlech mat de Buergermeeschteren, de Schäffen an de Conseilleren an der grousser Majoritéit vun deenen zwou Gemenge freeën iwwert dat, wat hei zustane komm ass, iwwert dee Schrëtt, dee si hei geholl hunn, fir zesummenzegoen.

Firwat datt si dat gemaach hunn, dat wëssen si am beschten, an et ass och net un eis hei ze jugéieren, ob dat fir si gutt ass oder net. Wéi gesot, si wëssen dat am beschten, si hunn dat aus fräie Stécker gemaach, a voller Autonomie, a virun allem, esou wéi mäi Virriedner, de Rapporteur, dat hei gesot huet, ass dat gewuess. Dat ass net vun engem Dag op deen anere geschitt.

Wann dann elo zwou Gemengen hei fusionéieren, zwou kleng Gemenge fusionéieren, da géif een u sech erwaarden, datt dobäi e bësse méi eng grouss Gemeng géif entstoen. Dat ass net de Fall. Par contre zu der leschte Kéier, wou zwou kleng Gemenge fusionéiert hunn an eng mëttelgrouss entstanen ass, ass dann dës Kéier awer eng kleng derbäi erauskomm. An d'Zuel vun deene klenge Gemengen, déi déi leschte Kéier vun 30 op 28 zréckgaangen ass, hëlt dës Kéier da just ëm eng of.

Et ass och net d'Schold u sech vun deenen zwou Gemengen, datt hei eng kleng Gemeng, eng Gemeng ënner 1.000 Leit derbäi erauskomm ass. Mir wëssen - an de Rapporteur huet dat gesot -, datt eng drëtt Gemeng, d'Gemeng Eschweiler, sollt matfusionéieren. Déi hu sech dat, wéi et eescht ginn ass, awer aneschters iwwerluecht, an ech hu gelies, datt si den 9. Oktober bei Geleeënheet vun de Gemengewahlen iwwer e Referendum wëllen nach eemol doriwwer befannen. Soll dat da positiv ausgoen, da wäert dann déi definitiv virausgesate Fusioun zustane kommen.

Dat hëlleft hinnen och vläicht, zweemol vun deenen 2.500 Euro pro Kapp ze profitéieren, an da geet d'Rechnung ganz sécher op. Ech weess net wat d'Reglementatioun do am Innenministère ass, mä et ass jo elo esou, datt wann zwou Gemenge fusionéieren, dës Gemengen 2.500 Euro op de Kapp kréien. D'Gemeng Wëlwerwolz an d'Gemeng Kautebaach kréien déi elo. Wa se dann elo nach eemol fusionéieren, da geet d'Diskussioun da vläicht un, ob se déi dann nach eemol kënne kréien. Ech wënschen hinnen op jidde Fall bonne chance do derbäi.

Egal wat hei geschitt, déi Fusioun kënnt net un déi 3.000 Leit erun,

déi a verschidde Pabeieren als Masse critique ëmmer eis virgehale ginn. Mä och wann een dës Fusioun an déi vun der leschte Kéier an nach mat Eschweiler derbäizielt, da kënnt een nach ëmmer net op 3.000 Leit.

A géif een dann nach ëmmer op 3.000 Leit kommen, da wier et esou, datt dës fënnef kleng fusionéiert Gemengen dann nach ëmmer net kéinte vu sech aus eleng existéieren a missten nach ëmmer an enger Partie Syndikater bleiwen, wéi zum Beispill an der DEA fir d'Waasserversuergung oder am SIDEC fir den Offall lasszeginn oder am Ofwaassersyndikat vun der Bleesbréck an nach munch aner, esou datt déi Gemengen hei och nach an Zukunft wäerten op déi regional Zesummenaarbecht ugewise sinn.

Et soll ee sech dat awer, mengen ech, relativ schnell iwwerleeën, ob een déi regional Zesummenaarbecht net soll méi ënnerstëtzen, well dat mécht laangfristeg dach awer vill méi Sënn wéi einfach kuerzfristeg de Gemenge Suen ze ginn, fir ze fusionéieren, déi da kuerzfristeg an Infrastrukturen investéiert ginn.

Et freet mech speziell als Buergermeeschter vun enger Gemeng, déi e Lëtzebuerger Numm huet, de Préizerdall, datt sech eng zweet Gemeng där Gemeng zougesellt an och e Lëtzebuerger Numm huet, dee vun der Gemeng Kiischpelt. Ech ka mech erënneren, datt dat zu menger Zäit a beim deemolegen Innenminister dach eng relativ schwéier Aufgab war dat ëmzesetzen. Et huet munch Joer gedauert, a mir hu missen an d'Regierung kommen, fir datt dat konnt wouer ginn.

***(Interruptions diverses)***

Et freet mech speziell, datt dat an dësem Fall hei dach awer vill méi einfach ass.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

D'Tatsaach, datt déi Gemeng hei wëllt fusionéieren, huet näischt domat ze dinn, datt déi Leit, d'Bierger aus deenen zwou Gemengen, an der Vergaangenheet keng Liewensqualitéit solle gehat hunn. Ech mengen, datt déi zwee Buergermeeschteren, déi Schäffen an déi Conseilleren, déi bis elo do waren, virun allem dee vu Wëlwerwolz, dee schonn 30 Joer dëst Joer do ass, all hiert Bescht gemaach hunn, fir hire Leit déi Liewensqualitéit ze bidden, déi se och an deenen anere Gemenge kennen.

Op jidde Fall ass et net de Gemenge Wëlwerwolz a Kautebaach hir Schold, datt an der ënneschter Sauer net ka gebuet ginn, well menges Wëssens dës Gemengen an d'Localitéite vun dëse Gemengen alleguer mat Kläranlagen ausgeriicht sinn. Et kann och nëmmen dat an hirem Sënn sinn, wa se fusionéieren, datt si hire Leit an Zukunft nach méi Liewensqualitéit wëlle bidden, wéi dat an der Vergaangenheet schonn de Fall war.

Duerfir ass et selbstverständlech, datt mir als Fraktioun vun der Demokratescher Partei eis Zoustëmmung zu dësem Projet wäerte bréngen, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Schneider. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

M. Romain Schneider *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci fir d'éischt emol dem Rapporteur, dem honorabelen Deputéierte Marco Schank, fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport.

No der Fusioun vun de Gemenge Baastenduerf a Furen zur Gemeng Tandel stëmmt d'Chamber haut iwwer eng weider Fusioun am Norde vum Land of. D'Fusioun zwëschent der Gemeng Kautebaach an der Gemeng Wëlwerwolz ass e weidere Schrëtt zu enger legaler Kooperatioun vun zwou sou genannte klenge Gemengen.

Dëst war Enn de 70er Joren ënnert dem Impuls vum deemolegen Innenminister a Pionéier an dëser Matière, dem Jos Wohlfart, net anescht, och wann territorial, mat der Unzuel vun den Dierfer souwéi de Bierger, eng aner Dimensioun bei der Fusioun vun de Gemenge Rammerech a Wëntger bestoung.

Déi nei Gemeng mam traditionsgebonnenen Numm Kiischpelt ass menges Wëssens déi klengste Fusioun bis haut. Mat am Moment 960 Awunner an enger Surface vun 3.400 ha wäert si awer bis den 1.1.2006 déi magesch Zuel vun den 1.000 Bierger erreechen, dat duerch nei Lotissementer, déi genehmegt sinn, souwéi enger gesonder Loft a jonke Leit, déi an dëser Gemeng liewen.

D'Basis vun dëser Kooperatioun war wéi a ville Fäll e Schoulsyndikat. De Schoulkauz, deen 1994 an d'Liewe geruff ginn ass, huet an der Praxis der Zukunft vu senge Bierger a virun allem senge Kanner nei Perspektive gebueden am Interessi vun enger Verdéiwung vun der Kooperatioun zwëschent deenen zwou Gemengen.

D'Gemeng Eschweiler, déi niewent deenen zwou genannte Gemengen och am Schoulkauz ass, wäert hire Bierger den 9. Oktober 2005, anlässlech vun de Gemengewahlen, an engem Referendum zwou Froe stellen: Éischtens, sidd Dir domat averstanen, dass d'Gemeng Eschweiler eng Zesummenaarbecht mat der neier Gemeng Kiischpelt ustrieft? An déi zweet Fro: Soll dës Zesummenaarbecht Ärer Meenung no spéider an eng Fusioun vun deenen zwou Gemengen iwwergoen?

Den Ausgang vun dëser Befroung ass d'Basis vun der Décisioun vun de Gemengeverantwortleche fir eng Kooperatioun mat der neier Gemeng Kiischpelt unzestriewen. D'Méiglechkeet vun der Struktur „communauté de communes" gouf an Erwägung gezunn, an et soll een an deem Kontext, no der Décisioun vun der Gemeng Eschweiler, dës Gespréicher viruféieren.

Fir déi nei Gemeng Kiischpelt heescht et awer elo, dass d'Fusioun do ass an dass se elo a Musek ëmzesetzen ass. Net nëmmen heescht et, déi 2.500 Euro pro Awunner op deene Projeten, déi am Gesetz opgezielt sinn, anzesetzen, mä et heescht och de Surplus vun enger méi grousser Masse critique ze notzen. Dat heescht, déi zwou Exgemenge Wëlwerwolz a Kautebaach däerfen net weider ouni Changementer niewenteneen an der neier Gemeng Kiischpelt fonctionnéieren, mä mussen zesummen den Challenge ugoen, och an deenen aneren Domäner eng Kooperatioun ze fannen. Ech denken hei un d'Kulturliewen, d'Gesellschaftsliewen, d'Sécherheet, fir nëmmen déi ze nennen.

Andeem ech selwer aus dem Kanton Wolz kommen, weess ech, dass dës Erausfuerderung wäert realiséiert ginn. Kompetent an engagéiert Politiker, souwuel Buergermeeschtere wéi Schäffen a Gemengeréitsmemberen, experimentéiert a motivéiert Gemengebeamten a Gemengenaarbechter, wéi och all Kautebaacher a Wëlwerwëlzer Bierger si Leit mat offenem an zukunftsorientéiertem Geescht, wou d'Klengkaréiertheet net méi am Hannerkapp ze fannen ass.

Une voix.- Ganz richteg! Et ass den Éisleker Geescht.

***(Hilarité)***

M. Romain Schneider *(LSAP)*.- Bravo vu menger Säit aus fir dëse richtege Wee ze goen an anere Gemengen d'Beispill ze ginn, duerch eng effikass an organiséiert Zesummenaarbecht d'Leeschtunge fir hir Bierger ze verbesseren!

E spezielle Bravo un déi zwee Buergermeeschteren, de Romain Kaiser an den Armand Mayer, mat hire Gemengerotsmemberen! Den Armand Mayer, deen - wéi schonn ugeklongen ass vum Emile Calmes - zënter laange Jore Buergermeeschter ass an deem seng Experienz och an dësem Domän gewisen huet, dass bei deenen zwee Buergermeeschteren eng grouss Wäitsiicht an Zukunftsorientatioun besteet.

An dësem Kontext ass een aneren dynameschen an innovative Schoulsyndikat, de Sispolo, ze bemierken, an deem an der Praxis excellent Viraarbecht geleescht ginn ass, fir spéider och eng Kooperatioun zwëschen neie Gemengen unzestriewen.

Awer och mir als Parteie sollten aktiv bleiwen an d'Usätz an d'Iddie vun där neier Commission spéciale «Réorganisation territoriale du Luxembourg» kommentéieren, an nei Virschléi maachen, wéi mir eis an Zukunft Lëtzebuerg, seng Gemengen, seng Regiounen a grondsätzlech déi Organisatioun virstelle kënnen. Et wäerten hei interessant an engagéiert Diskussiounen a Schlussfolgerungen op eis waarden.

Zum Schluss wëll ech der Gemeng Kiischpelt mäi Respekt ausdrécke fir hire Mutt dës Fusioun ze maachen. D'Bierger aus där neier Gemeng kënnen sech op nach méi Liewensqualitéit freeën.

Zum Schluss, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech och a mengem perséinlechen Numm an am Numm vu menger Fraktioun den Accord ginn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Schneider. Den nächste Riedner ass den Här Camille Gira. Här Gira!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng di sech scho ganz e bësse schwéier fir den Accord zu dësem Gesetz ze bréngen; schwéier, well de Message, dee mat dësem Gesetz no bausse geet, schwéier ze vermëttelen ass.

E puer Wochen nodeems den Innenminister d'Zuel vun 3.000 Awunnerinnen an Awunner als kritesch Mass no bausse gedroen huet, gëtt hei eng Fusioun mat ronn 2.500.000 Euro ënnerstëtzt, déi herno awer knapp 1.000 Awunner huet. Mir stellen eis e bëssen d'Fro, wéi den Innenminister an Zukunft nach seng 3.000 Leit wëllt argumentéieren, a wéi een Drock- oder besser gesot Ënnerstëtzungsmëttel hien nach am Grapp huet, fir an Zukunft dofir ze suergen, dass als Resultat vu weidere Fusioune vu Gemenge mindestens 3.000 Leit derbäi erauskommen.

Wat soll eng Backgroundmap, vun där de Minister jo scho vill geschwat huet, fir d'Reorganisatioun vum Land, wa sech awer net brauch dru gehalen ze ginn? Hei ware jo eigentlech dräi Gemenge virgesinn op d'mannst, fir déi Fusioun ze maachen. Et ass e bësse schued, dass et net dozou komm ass.

Et gëtt awer trotzdeem, Här President, an eisen Aen zwee ganz gutt Grënn, fir dann awer Jo zu dësem Projet ze soen. Éischtens mengen ech, waren d'Diskussiounen iwwert déi Fusioun hei scho laang amgaangen, ier de Chiffer vun 3.000 bekannt ginn ass. Zweetens mengen ech, wier et wierklech irresponsabel vis-à-vis vun deenen zwee Referenden, déi ofgehale si ginn a wou d'Leit aus deenen zwou Gemenge wierklech ganz kloer gesot hunn, wat se wëllen. Wann een deenen zwee Referenden net géif Rechnung droen, wier dat, mengen ech, wierklech net ze toleréieren. An dofir och den Accord vun eiser Fraktioun.

Mir wieren awer frou, wann et déi lescht Fusioun wier, déi ganz substanziell finanziell ënnerstëtzt gëtt, obwuel se manner wéi 3.000 Leit huet.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Gira. Den nächsten a leschte Riedner ass den honorabelen Här Jean-Pierre Koepp. Här Koepp, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Pierre Koepp *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem honorabele Marco Schank Merci soe fir säin ausféierleche Rapport zu dësem Projet. Mir sinn haut befaasst mat engem Projet betreff enger weiderer Gemengefusioun am Norde vun eisem Land. An zwar mécht et mer Freed, dass et meng Nopeschgemenge sinn, d'Nopeschgemenge vu Konstem, mat deenen ech scho vu Jugendjoren u vill ze dinn hat.

Et ass eng weider Fusioun am Norden, an zwar vun der Gemeng Wëlwerwolz mat der Gemeng Kautebaach. Et sinn dëst zwou kleng Landgemengen, déi sech elo an enger Gemeng vereenegen. Et ass vläicht schued, datt d'Gemeng Eschweiler, déi jo och am interkommunale Schoulprojet vun dësen zwou Gemengen, genannt „De Schoulkauz", ass, bei der Fusioun awer net derbäi ass. De Wonsch vun der Gemeng Eschweiler ass awer selbstverständlech ze respektéieren. Et wier awer ze wënschen, datt si sech esou wéi och am Schoulsyndikat vläicht dëser Fusioun sollt spéider uschléissen. Wéi ech elo grad héieren hunn, ass dat jo eigentlech scho geschwënn de Fall, wa se doriwwer wëllen ee Referendum maachen.

Dee leschte Projet betreff enger Gemengefusioun ass hei diskutéiert a gestëmmt ginn de 17. November vum leschte Joer, an dat ass déi nei Gemeng Tandel. Déi vu virdrun war am Joer 1978, a vun do u bis 2004 war leider keng Fusioun méi ze vermelden. Kuerz, et war ganz roueg ëm dëse Beräich ginn, obschonns véier erfollegräich Fusioune vidru gemaach gi sinn. An deenen nächste Joren dierft nach vläicht déi eng oder déi aner Fusioun an d'Haus stoen, awer soss schéngt d'Land relativ roueg oder begrenzt ze sinn, wat d'Gemengefusiounsbegeeschterung ubelaangt.

Eleng dëst muss ons awer mol ze denke ginn, wa mer wëllen de Fusiounsgedanke verwierklechen, esou wéi dat ganz oft a leschter Zäit ze liesen an ze héiere war. Et dierft dës op ville Plazen och e Generatiounsproblem sinn.

Mä, wat wichteg ass, ass, dass d'Fusioun muss vun de Leit gedroe ginn, an an dësem Fall ass dat jo geschitt iwwer e Referendum, deen déi zwou betreffend Gemenge gemaach hunn, a wou d'Leit sech ganz positiv ausgedréckt hunn: 93,19% zu Wëlwerwolz an 71,5% zu Kautebaach, wann ech ganz gutt informéiert sinn.

Eng jorelaang Zesummenaarbecht hat och ville Leit déi sou genannten Angscht virun enger Fusioun geholl, well op eppes Neies reagéiert d'Vollek bekanntlech ëmmer e bësse skeptesch, kritesch oder mat Virsiicht. An dëst ass och gutt esou a mir mussen dëst och respektéieren. Dësem Wonsch soll och an eiser Politik Rechnung gedroe ginn. Iwwerhaapt ass et ee schwieregen Terrain, wat d'Gemengefusiounen ubelaangt. An dësem dierft ee vläicht méi wierkungsvoll entgéintwierken, wann d'Gemengen iwwer Jore mol méi intensiv a verschiddene Beräicher matenee schaffen. Dëst schéngt mir déi beschte Medezin ze sinn - wann een dat esou wëllt nennen -, fir spéider Fusiounen op fräiwëlleger Basis anzeleeden.

Och dës Fusioun berout op enger jorelaanger gudder Zesummenaarbecht, dëst am Schoulwiesen zënter 1994. Kuerz, et ass eng Politik, wou d'Leit direkt vun ënne matbestëmmt hunn, wéi künfteg hir Gemeng soll ausgesinn. Dat beschte Beispill ass an dësem Beräich d'Gemeng Wëntger, déi éischt Fusiounsgemeng aus dem Land. Hei hunn d'Veräiner ewell matenee geschafft, respektiv eng ganz Rei Wëntger Veräiner haten sech ewell gegrënnt, ier iwwerhaapt d'Gemengefusioun ageleet ginn ass.

Wann emol an engem Gemengeberäich, an zwar engem ganz wichtege wéi deem heiten - dem Schoulberäich - matenee geschafft gëtt, da komme mir méi liicht och an deenen aneren Domäner beieneen, zum Beispill Kläranlagen, Sportsinfrastrukturen an esou weider. An da läit de Fusiounsgedanken iergendwéi fréier oder spéider op der Hand.

Déi ganz Bevölkerungsexplosioun vun deene leschte Jore krute gréisstendeels d'Gemenge finanziell gesinn ze droen, an hei wier eng finanziell Neiopdeelung vu Wichtegkeet, fir datt d'Gemengen där ëmmer gréisserer Aarbecht, déi se kréien, kënne Rechnung droen.

An deene leschte Joren hunn d'Gemengen ëmmer méi Aufgabe kritt. Ech denken do zum Beispill un de Service administratif wéi och den technesche Service, ouni vun de de sozialen, kulturellen oder sportleche Wënsch ze schwätzen. Kuerz gesot, duerch d'Liewensverännerungen an deene leschte Jore gëtt ëmmer méi ee grousse Wäert op Liewensqualitéit geluecht. Dësem mussen d'Gemenge Rechnung droen a si mussen och déi Méiglechkeete kréie fir déi Fusiounen ze ënnerstëtzen, well dat kascht si jo vill Geld.

D'Iwwerganksbestëmmungen huet de Rapporteur jo haut virgedroen a mir Lëtzebuerger hu jo ewell an dësem Beräich eng Rei Erfahrungen an domadder ass dëst fir eis keen Neiland méi, an duerfir wäerte mir och keng Problemer domadder hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den ADR ass selbstverständlech mat dësem Projet averstanen an ech bréngen och d'Zoustëmmung vu menger Partei.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Koepp. Den Här Michel Wolter huet sech nach zu Wuert gemellt. Här Wolter!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och ausdrécklech d'Fusioun begréissen, déi elo gläich wäert stattfannen, a just wëllen, well ech d'Diskussioun suivéiert hunn an als een, dee ganz no derbäi war bei den Diskussiounen, nach vläicht op dräi Punkten agoen.

Dat Éischt, dat ass dat dass den Här Gira gesot huet, jo och wann déi zwou oder déi dräi beienee ginn, da komme mer net op d'Richtlinn vun 3.000, also ass dat am Fong net esou richteg dat, wat ee sollt maachen. Et muss ee wëssen, dass mer, wéi mer ugefaangen hunn iwwert d'Fusiounen ze diskutéieren, dat net gemaach hunn, well mer onbedéngt gäre Fusioune gehat hätten, mä well mer der Meenung waren an der Meenung sinn, dass et noutwendeg ass, fir eis administrativ Strukturen ze ginn, déi am 21. Jorhonnert kënne Bestand hunn.

Déi éischt Regioun, mat där mer diskutéiert hunn, war d'Regioun Norden, 16 Buergermeeschteren, déi mer x-mol beienee geruff hunn, fir mat hinnen driwwer ze diskutéieren, wéi si sech dann déi zukünfteg Gestaltung vun hirer Regioun kéinte virstellen. An an deene Gespréi-

cher, wat ganz konstruktiv Gespréicher waren, si mer eis relativ eens driwwer ginn, dass déi Regioun Norden, wann dann de Prozess ofgeschloss wier, vu 16 Gemengen haut an Zukunft op sechs Gemenge wäert goen.

Mir hunn am Fong mat de Buergermeeschteren aus der Regioun Norden deen Exercice gemaach, deen ee landeswäit misst maachen, fir an engem konstruktive Gespréich ze kucken, opgrond vun enger Rei vu Kritären, déi mer gesat hunn, eng Kaart ze entwéckelen, wéi een dann an déi nei Gemengenorganisatioun kéint kommen.

Am Kader vun deenen Diskussiounen ass et relativ kloer ginn, opgrond vun den Zesummenaarbechten, déi d'Gemengen haut schonn hunn, opgrond vun de Strukturen, déi an deene leschte Joren a Jorzéngte gewuess sinn, dass déi zwou Gemenge Wëlwerwolz a Kautebaach zesumme mat der Gemeng Eschweiler predestinéiert wieren, fir zesummenzeschaffen. Esou wéi beim Här Koepp senger Gemeng Konstem mat Housen, zesumme mat Houschent, zesumme mat Pëtschent eng aner Zesummenaarbecht machbar wier.

***(Interruption)***

Zesummenaarbechten, déi sech am Norde vum Land haaptsächlech ronderëm d'Schoulkomplexer, Zesummenaarbecht am Kader vun de Schoulsyndikater, gemaach hunn. An dofir war et fir eis och net esou wichteg, quitte dass een e Kritär soll hunn an dass een eng gewësse Mindestsubstanz muss hunn, war et fir eis kloer, dass am Eenzelfall, wann een driwwer diskutéiert huet, een och muss dozou bereet sinn, dass déi eng oder aner Unitéit manner wéi 3.000 oder 3.500 Unitéiten herno ausmécht, wann et am Kader vun enger Gesamtkonzertatioun an der Regioun da géif geschéien.

Dofir sinn ech och frou, wann ech den Här Calmes richteg verstanen hunn, dee jo ganz gutt Informatioune muss hunn, dass och d'Bierger aus der Gemeng Eschweiler dann den 9. Oktober elo sollen doriwwer kënne befannen, ob si där Fusioun nach wëlle bäitrieden.

M. Emile Calmes *(DP)*.- Ech hunn dat am Rapport gelies.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- War dat am Rapport? Ech hunn lech héieren dat soen. Dat géif ech eng ganz gutt Initiativ fannen, well eben déi Volksbefragung bis elo nach net stattfonnt huet, dee Referendum nach net stattfonnt huet, dass mer an eiser Initiativ fir déi dräi Gemenge beieneen ze bréngen en fin de compte un der Politik, dat heescht um Gemengerot vun Eschweiler gescheitert sinn, ouni dass d'Leit aus där Gemeng sech bis elo konnten zu deem Sujet ausloossen.

Mir hunn nämlech festgestallt an der Diskussioun op där heiter Plaz, wéi op villen anere Plazen, dass ganz oft d'Leit, wat d'Bereetschaft vun der Zesummenaarbecht an de Gemengen ubelaangt, vill méi wäit si wéi verschidde Politiker dat sinn, an ech kéint mer virstellen, dass, wann ee mat de Leit vun Eschweiler dat eng Kéier an engem rouege Gespréich géif diskutéieren, esou wéi mer dat zu Kautebaach an zu Wëlwerwolz mat der Populatioun gemaach hunn, och do eng grouss Majoritéit vun de Leit d'accord wieren, fir zu där Gemeng hei zouzestoussen, fir domadder eng besser Masse critique ze kréien, an en fin de compte da mat deene Gemengen, déi zesummegehéieren - an do ass jo all Mënsch sech eens driwwer, a si kommen och iergendwann eng Kéier beieneen -, am Fong dann den Tableau esou séier wéi méiglech zouzemaachen.

Déi Gemengen, déi gehéiere beieneen an enger gemeinsamer Fusioun, an ech wier besonnesch frou, wann een dat esou séier wéi méiglech géif hikréien.

Wat d'Suen ubelaangt, kann ech den Här Calmes och berouegen, dass mer deemools schonn an den Diskussioune gesot hunn, dass een net zweemol ka profitéieren. Et ass net esou, dass ee fir d'éischt zu zwee fusionéiert an da kënnt deen Drëtten derbäi an da geet een nach eng Kéier komplett an d'Keess. Et ass selbstverständlech esou, dass, wann deen Drëtten…

M. Emile Calmes *(DP)*.- Jo, dat berouegt.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- …derbäikënnt, dann nach de Prorata kann héchstens derbäikommen, an och an deem Sënn wier et gutt, wann déi Gemeng Eschweiler esou séier wéi méiglech géif zu deenen aneren zwou Gemengen an déi nei Gemeng Kiischpelt stoussen, well een dann déi Suen och kéint au prorata vun deenen eenzelne Projeten, déi domadder solle financéiert ginn, ausginn.

An deem Sënn hoffen ech, dass déi zwee Beispiller, déi Fusioun vu Furen a Baastenduerf, wat och eng Fusioun ass en vue vun eppes, wat eventuell spéider, wann d'Leit dann esou wäit sinn an de Wëllen hunn, nach zu eppes aneschters ka féieren, wéi och déi Fusioun hei nëmmen en Tëschesteck sinn an engem gesamte Puzzle, dee mer zesumme mat de Gemengeresponsabelen ausgeschafft hunn an deen a mengen Ae richtungsweisend ass fir d'Virgehensweis och an aneren Deeler vum Land.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Wolter. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, tatsächlech ass et bei dëser Fusioun esou, dass een zwee Campë kritt, oder op d'mannst, wann een d'Saach einfach ugeet, déi eng, déi soen, déi Fusioun hei bréngt näischt, et si manner wéi 1.000 Leit - dat ass jo och de Mëtteg deelweis ugeklongen -, well d'Masse critique vun 3.000 net erreecht ass.

Ech sinn awer éischter der Meenung, dass dat heiten ee klengen, wichtegen a richtege Schrëtt war an déi richteg Richtung, an ech muss ganz kloer soen - an deen Aspekt ass haut nach net ugeschwat ginn -, dëse Schrëtt ass och den Ausdrock vun engem politesche Courage, deen déi Politiker, déi Lokalpolitiker haten an deenen zwou Gemengen, fir sech zesummenzedinn.

Si stellen de Bierger an de Mëttelpunkt. Si stellen d'Leeschtungen, déi se fir hir Bierger wëlle maachen, an de Mëttelpunkt, a si bréngen esou am Fong geholl e besseren, méi e staarke Partner fir hir Bierger, wéi wa se dat géife jiddfereen eleng maachen. An deen interkommunale Syndikat, déi Zentralschoul, déi am Fong geholl den Ufank vun der Geschicht vun dëser Fusioun duerstellt, do verweisen ech och drop, wéi déi Grënnung stattfonnt huet, dat war 1994, dass Eschweiler eréischt 1996 bäigetrueden ass; an ech gesinn dat als ee positiivt Omen.

Duerfir kann ech och hei kloer an däitlech soen, och un d'Adress vum Här Wolter, dass ech an dësem Fall mam Buergermeeschter vun Eschweiler geschwat hunn, duerno mam Schäfferot vun Eschweiler an och dem Gemengerot. Si sinn d'accord, si hu sech bereet erkläert, den 9. Oktober, bei Geleeënheet vun de Gemengewahlen, sech ze prononcéieren zu där Fusioun hei, well se et eng ganz positiv Saach fannen.

A konstruktive Gespréicher mat deene Responsabele si mer an déi dote Richtung komm, an ech mengen, dat wier och dee richtege Wee. Den Här Gira huet…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

…déi Backgroundmap ugeschwat, a grad iwwert dee Wee kënne mer jo dann déi Packagen zesummekréien, dass mer kënnen am Land méi performant Gemenge kréien. D'Regierung steet och haut nach ëmmer zu deem Beschloss vum Conseil de Gouvernement vun där leschter Mandatsperiod, dee volontär Fusioune vu klenge Gemengen ënnerstëtzt.

De Modell ass jo u sech relativ einfach oder d'Prozedur ass einfach, si ass kloer, si ass demokratesch a si ass transparent, an d'Inhalter, déi brénge wierklech och keng Nodeeler. Ech wëll net méi am Detail drop agoen. Ech mengen, den Här Schank huet dat gemaach a sengem gudde mëndlechen a schréftleche Rapport.

Mä wat ganz wichteg ass, dat ass, dass dat Ganzt am Fong geholl „tailor-made" ass, wéi een haut seet. Dat heescht, eng Fusioun gëtt net blann gemaach. Et gëtt gekuckt: Wou si Problemer, wat kënne mer maachen? Et ginn Derogatioune geholl. Déi sinn hei zum Beispill gefall am Beräich vum Gemengerot, wou bis 2017 néng Leit am Gemengerot sinn anstatt siwen.

D'Gemengereglementer ginn esou ugepasst ouni zäitlech Délaien. D'Gemengepersonal huet keng Nodeeler, do ass de Status quo, an esou weider. Et gëtt e Fusiounsprogramm opgebaut, deen aus dem Fonds pour la Réforme communale gespeist gëtt. Do si jo dann déi eenzel Elementer, wéi d'Voirie vun Alschent oder vu Pëtscht, wéi de Centre sportif an déi Saache mat dran. Esou dass am Fong geholl d'Aart a Weis fir Fusiounen ze maache ganz demokratesch ass a fir jiddferee kloer an däitlech ass.

Mä d'Fusioun muss a mengen Aen ëmmer nach eng Initiativ vun de concernéierte Gemenge bleiwen, an d'Gemengen an d'Bevölkerung mussen dem Wëllen Ausdrock ginn, et däerf een se net forcéieren. D'Lokalautonomie muss spillen, an d'Charte iwwert d'Autonomie locale, déi mer am Mäerz 1987 ënnerschriwwen hunn, déi musse mer respektéieren.

Fir ze soen, wann een eng Fusioun mécht, d'Identitéit vun der Gemeng géif da fleete goen, domat sinn ech net d'accord. Well d'Identitéit, déi gëtt net un enger Gemeng gemooss, mä déi gëtt un den Uertschafte vun enger Gemeng gemooss. Eng Uertschaft huet eng Identitéit an net onbedéngt eng Gemeng.

Mir sinn eis bewosst als Regierung, dass déi kleng Gemengen net déi Finanzcapacitéiten hunn, déi se missten hunn, fir verschidde Servicer ze prestéieren. Mir sinn eis bewosst, dass d'Fusioun eng Léisung ass, an duerfir hu mer jo an där Spezialkommissioun iwwert d'Réforme territoriale ee Reformprojet virgeluecht, fir deene Gemengen entgéintzekommen, déi net de Wëllen hu fir ze fusionéieren an net prett sinn.

Dofir hu mer déi Communautés de communes an de Raum gestallt, well dat och eng Méiglechkeet ass fir zesummenzeschaffen.

Ech wëll se eng Kéier kuerz hei virstellen an dann och d'Konklusiounen zéien doraus. Et geet jo drëm, dass mer op 100% vun eisem Territoire gäre Servicer hätten, déi d'selwecht si fir all Bierger, ob een zu Knapphouschent wunnt, ob een zu Schëffleng wunnt, ob een zu Schengen wunnt - egal - d'Basisservicer fir d'Bierger mussen déiselwecht sinn.

D'Basisleeschtunge mussen déiselwecht sinn um ganzen Territoire an dofir wëlle mer dann esou eng Backgroundmap maachen, wou mer déi eenzel Gemengen zesumme kënne kucken, wéi se zesumme matenee schaffen, fir dass déi Servicer garantéiert sinn.

Duerch esou eng Communauté de communes kréie mer u sech nei Perspektiven an der Zesummenaarbecht vun de Gemengen. D'Gemenge behalen eng gewësse Fräiheet, mä si mussen dann obligatoresch Kompetenzen, déi mer dann iwwer e Gesetz wéilte festleeën, wouerhuelen an dësem Gremium. An zwar ass dat d'Zone d'activités économiques an och d'Raumplanung.

An doriwwer eraus gëtt et nach véier aner Kompetenzen. Do hu se de Choix dann zwou sech erauszesichen, an zwar sinn dat op där enger Säit d'Sportinfrastrukturen, d'Stroossennetzer an d'Réseauen, an d'Kanalisatioun an all déi Saachen. An déi véiert, dat sinn dann d'Schoulinfrastrukture mam Accueil a wat alles domat ze dinn huet.

Do mussen d'Gemengen sech dann eens ginn, wat se an déi Communauté de communes huelen a wat net. An dës Communauté de communes géif dann duerch d'Gemenge gespeist ginn, duerch finanziell Contributiounen, duerch am Fong geholl eng Tarifautonomie, déi se hätte fir déi eenzel Servicer, déi se prestéieren, an och duerch Subsidien, déi se vum Stat kéinte kréien oder vun der EU an déi Subsidie kéinten dann och an dës Communauté de communes afléissen.

D'Iddi ass also déi, op där enger Säit d'Fusioun an op där anerer Säit d'Communauté de communes. An ech stelle mer vir, dass een do muss e Kompromëss fannen, dass déi Communauté de communes an enger gewëssener Zäit an eng Fusioun eriwwergeet. Dat kënnen zwou oder dräi Periode sinn, wou déi Gemengen, déi dann niewenteneen an enger Communauté de communes schaffen, sech kenneléieren, matenee schaffen, esou wéi dat och hei geschitt ass, an dann herno eng Fusioun en toute sérénité maachen, zesumme mat hire Bierger.

Ech mengen dat wier dee Modell, dee mer fir déi nächst Jore misste fir eist Land parat hunn, fir dass mer effizient a gutt Gemenge kréien, well si sinn nieft dem Stat deen eenzege Partner, dee mer hu fir eist Land ze organiséieren.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat si mer um Enn vun där Debatt a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet vun der Fusioun vun de Gemenge Kautebaach a Wëlwerwolz.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Domadder ass de Projet de loi mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Ali Kaes), Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Henri Kox;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Domat ass dann d'Hochzäit tëscht Wëlwerwolz a Kautebaach perfekt.

***(Hilarité)***

Mir sinn elo, Dir Dammen an Dir Hären, um Schluss vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Séance publique ass virgesi fir en Dënschden de 5. Juli um dräi Auer mat folgendem Ordre du jour:

Fir d'éischt de Projet de loi iwwert de Lycée-pilote, dann e Projet de loi iwwert de Service rééducatif ambulatoire an e Projet de loi iwwert de Code des assurances sociales.

Ass d'Chamber domat averstanen?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 17.36 heures)***

**«Chamber aktuell»**

*Depuis le 21 janvier 2005, Chamber TV vous propose tous les* **vendredis** *à* **19.00 heures** *un* **résumé** *de l'activité parlementaire de la semaine.*

*L'émission est* **rediffusée** *le même soir à 20.00, 21.00, 22.00 et 23.00 heures.*